N°238
Entrée le 26.02.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement et de
l'Aménagement du territoire

Le Ministre

**Äntwert vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung a vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil op d'parlamentaresch Fro n° 238 vum 26. Januar 2024 vum Här Deputéierten Marc Goergen betreffend d' « Gestion locative sociale ».**

**1. Wéi vill Gelder kruten déi verschidden Organisatiounen, déi eng Agence immobilière sociale bedreiwen, an de leschte Joren souwuel vum Logementsministère wéi och dem Ministère fir Famill, Solidaritéit an Integratioun (w.e.g. opgelësch no Organisatioun)?**

Béid Ministèren ënnerstëtzen d'Organisatiounen aus der Zivilgesellschaft déi eng Gestion locative sociale ubidden op ënnerschiddlech Aart A Weis.

A. <u>D'Ënnerstëtzung vum Wunnengsbau- a Landesplanungsministère</u>

D'Gestion locative sociale gëtt iwwer den Artikel 49 vum Gesetz vum 7. August 2023 iwwer bezuelbare Wunnraum gereegelt. De Wunnengsbau- a Landesplanungsministère bezilt de konventionéierte GLS-Partner eng Bedeelegung un de Gestiounsfraisen vun 120€ de Mount pro Wunneng an e Supplément vun 20€ de Mount pro zousätlechen Mietvertrag am Fall vu Wunngemeinschaften. Fir dës Wunnengen ass de Loyer, deen dem private Proprietäre vun der Wunneng ka bezuelt gi per Konventioun plafonéiert.

Am follgenden Tableau sinn déi Partner opgezielt déi mam Ministère fir Wunnengsbau- a Landesplanung eng Konventioun hunn mat de Montanten déi si an de leschte Joren ausbezuelt kruten.

| **Participations financières aux frais de gestion des associations sans but lucratif et fondations œuvrant dans le domaine du logement et aux communes et syndicats de commune** | | **Total budget versé 2018-2023** |
|---|---|---|
| Arcus Kanner Jugend a Famill asbl | | 13.320 € |
| Caritas | | 624.400 € |
| Cohabitage asbl | | 2.200 € |
| Comité national de défense sociale asbl | | 89.700 € |
| Cooperations S. Coop. SIS | | 7.300 € |
| Croix-Rouge | | 218.630 € |
| Femmes en détresse asbl | | 7.500 € |
| Fondation Jugend an Drogenhëllef | | 213.100 € |
| Fondation Maison de la Porte Ouverte | | 38.370 € |
| Fondation pour accès au logement | | 2.981.315 € |
| Fondation Pro Familia | | 6.377 € |
| Gutt Wunnen | | 27.680 € |
| Habitat et Humanisme Luxembourg asbl | | 6.740 € |
| Inter-Actions | | 60.110 € |
| Liewen Dobaussen asbl | | 2.160 € |

| | | |
|---|---|---|
| Life asbl | | 227.540 € |
| Luxitania asbl | | 4.760 € |
| Solina Solidarité Jeunes asbl | | 29.880 € |
| Stëmm vun der Strooss asbl | | 55.440 € |
| Télos éducation asbl | | 28.180 € |
| Wunnéngshëllef | | 769.620 € |
| Wunnzierkel asbl | | 100.350 € |
| Commune de Mondorf-les-Bains | | 0 € * |
| Commune d'Esch-sur-Alzette | | 87.020 € |
| De Réidener Kanton | | 133.030 € |
| Office social Bettembourg, Frisange, Roeser | | 197.600 € |
| Office social du Centrest | | 28.020 € |
| Office social Dudelange | | 141.460 € |
| Office social Mamer | | 0 € ** |
| Office social Mersch | | 123.840 € |
| Office social Nordstad | | 340.410 € |
| Office social Resonord | | 84.720 € |
| Office social Wiltz | | 125.700 € |
| Syndicat intercommunal "Kordall" | | 750.160 € |
| Ville de Diekirch | | 165.700 € |
| **Total:** | | **7.692.332 €** |

* Konventionéierte Partner ab 2023 an nach keen Décompte fir Wunnengen era ginn.
**Konventionéierte Partner ab 2022 an nach keen Décompte fir Wunnengen era ginn.

### B. D'Ënnerstëtzung vum Ministère fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil

Als éischt muss dorobber higewise ginn datt d'Servicer déi am Beräich vun der Wunnengexklusioun aktiv sinn, an déi mam Familljeministère konventionéiert sinn, d'Wunnengen déi se an hirem Parc locatif hunn, iwwert divers Weeër kënne mobiliséieren. Niewent dem abordabele Wunnraum oder der Mise à Dispositioune vum Staat (oder aneren Organer), ass d'*Gestion Locative Sociale*, ee vun de Weeër fir Wunnengen ze mobiliséieren. Déi konventionéiert Acteure gestallten de sozio-edukativen Accompagnement onofhängeg vun der Origine vun der Wunneng, dëse gëtt ugepasst un d'Besoin'e vun de Bewunner.

Eng präzis Ventilatioun vun de Fraisen déi explizit am Kader vum der *Gestion Locative Sociale* ausbezuelt ginn, ass heivir net méiglech.

De Familljeministère déckt iwwert d'Konventiounen déi am Kader vum ASFT-Gesetz tëschent dem Ministère an den Acteuren aus dem Beräich vun der Wunnengsexklusioun gemaach ginn, d'Personalkäschten an d'Fonctionnementskäschte. Konventionéiert Poste sinn sou zum Beispill sozio-educatiivt Personal, administrativ Poste, an och Techniker. D'Fonctionnementskäschten enthalen ënnert

anerem administrativ an informatesch Ausgaben an Ausstattungen, Infrastruktur- a Locatiounskäschte vun de Büroflächen, Formatioune vum Personal, Deplacementsfraisen an deels technesch Interventiounen an de Wunnengen déi vun den Acteure geréiert ginn.

Et ginn dohier eng Partie Servicer, wéi zum Beispill de *Service Logements encadrés et accompagnés* vu *Caritas Accueil et Solidarité a.s.b.l.* an *CNDS Wunnen* vum *Comité National de Défense Sociale,* wou *d'Gestion locative sociale,* net d'Haaptaktivitéit vun de Servicer ass.

Am Tableau, sinn déi verschidde Servicer déi mam Familljeministère konventionéiert sinn, an déi am Beräich vun der Wunnengsexklusioun schaffen, opgelëscht. Säit 2018, si 4 zousätzlech Servicer an deem Beräich entstanen, a mam Ministère konventionéiert. De Käschtepunkt vun de Servicer an dësem Beräich huet sech an de leschte 5 Joer quasi verduebelt, an ass vu ronn 6,3 mio € am Joer 2018, op ronn 13,7 mio € am Joer 2023 gestigen. Dëst ergëtt e Gesamtkäschtepunkt iwwert déi lescht 5 Joer, vu ronn 54,2 mio €.

| **Acteur conventionné** | **Service** | **Total budget versé 2018-2022 + Budget prévisionnel 2023** |
|---|---|---|
| **Caritas Accueil et Solidarité a.s.b.l.** | *Service Logements encadrés et accompagnés* | 8 327 359.47€ |
| **Caritas Accueil et Solidarité a.s.b.l.** | *Administration et équipe logistique* | 5 944 266.67€ |
| **Caritas Accueil et Solidarité a.s.b.l.** | *Service LogIS - Néien Ufank* | 1 159 913.54€ |
| **Fondation Caritas** | *Service LogIS - Néien Ufank* | 3 401 910.72€ |
| **CNDS – Comité National de Défense Sociale** | *CNDS Wunnen (Centre d'Accueil Classique & Logement encadré et accompagné & Housing First)* | 13 636 017.53€ |
| **Croix-Rouge luxembourgeoise** | *CLES – Cellule logement encadrement solidaire* | 588 823.86€ |
| **Fondation pour l'Accès au Logement** | *AIS – Agence immobilière sociale* | 10 856 543.93€ |
| **Inter-Actions a.s.b.l.** | *Coup de Pouce* | 2 088 094.83€ |
| **Life a.s.b.l.** | *Life together - service d'accompagnement social* | 154 450.14€ |
| **SIKOR – Syndicat Intercommunal Kordall** | *Agence immobilière sociale Kordall* | 1 495 417.03€ |
| **SOLINA Jongenheem a.s.b.l.** | *Logement social encadré pour Adultes (LES Adultes)* | 236 120.23€ |
| **Wunnéngshëllef a.s.b.l.** | *Service Klassesch-wunnen* | 6 304 714.09€ |
| **Total** | | **54 193 632.04€** |

Niewent de Servicer aus dem Wunnengsdomaine, hunn och aner Servicer, déi haaptsächlech eng sozial Begleedung offréieren, eng Konventioun mam Familljeministère. Konventionéiert Servicer wéi zum Beispill de *LISKO - Lëtzebuerger Integratiouns- a Sozialkohäsiounszenter* vun der *Croix-Rouge luxembourgeoise* oder dem *Service d'accompagnement social* vun der *Ligue médico-sociale* begleeden

d'Persounen an hirem Wunnprojet wärend der Zäit wou hinnen eng Wunneng iwwert *d'Gestion locative sociale* vun enger Associatioun zur Verfügung gestallt gëtt. Esou ass de Volet vum Wunnen indirekt viséiert.

Et muss een och präziséieren datt dëse soziale Suivi och vun den 30 *Offices sociaux* am Kader vun der Aide sociale ugebuede gëtt. Et sief rappeléiert datt d'Käschten en relation mat den *Offices sociaux*, zu 50 % vum Familljeministère mat finanzéiert ginn.

Lëtzebuerg, de 26/02/2024.
De Minister fir Wunnengsbau
a Landesplanung,
(s.) Claude Meisch